CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
14 JAN. 2020
1707

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Viru bal genau engem Joer, den 29. Januar 2019 war um Ordre du jour vun der ëffentlecher Sëtzung an der Chamber meng Question élargie iwwer Verkéiersaccidenter bäi deenen et zu enger Kollisioun mat engem Bam komm ass. De Minister huet deemools erkläert datt scho vill Verbesserungen erreecht goufen, an datt och weiderhi géif un der Stroossesécherheet geschafft ginn.

An der Presse vun haut war e Reportage ze héieren, datt obwuel et 2019 manner Verkéiersaffer goufen, d'Association des Victimes de la Route (AVR) nach ëmmer kritiséiert, datt bei Accidenter d'Kollisioun mat Beem oft zu schlëmmere Blessuren oder dem Doud féiert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi eng konkret Mesurë goufe säit der Diskussioun an der Chamber virun engem Joer ëmgesat?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 02 MARS 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 MARS 2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1707 du 14 janvier 2020 de l'honorable députée Madame Martine Hansen, concernant les accidents routiers impliquant une collision avec un arbre, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n°1707 vum 14. Januar 2020 vun der honorabeler Deputéierte Madame Martine Hansen iwwert " Accidents routiers impliquant une collision avec un arbre"**

- *Wéi eng konkret Mesurë goufe säit der Diskussioun an der Chamber virun engem Joer ëmgesat?*

Et ginn dräi Usätz fir dësen Thema vum Standpunkt vun der Infrastruktur aus ze betruechten:

Als éischt sinn an deem Kontext déi nei Stroosseprojeten ze consideréieren, fir déi op där enger Säit Kompensatiounsmesuren nom Artikel 8 vum Naturschutzgesetz respektéiert musse ginn an op där anerer Säit urbanistesch an och verkéiersbegleedent Moossnamen ze réaliséiere sinn. Alleguerten déi Punkte musse mat de Verkéierssécherheets-Aspekter iwwerteneestëmmen an och ëmmer no den aktuellste Reegele vum Stroossebau réaliseiert ginn. Deementspriechend ginn och bei neie Projete Beem geplanzt, mee an deem Fall ausserhalb vun der Geforenzon oder, ewéi all anert Hindernis och, op eng reegelkonform Aart a Weis ofgeséchert.

Un zweeter Plaz steet d'Flicht fir de Bestand vun eise Stroossebeem, eenzelner an och d'Alleeën, ze schützen an doweinst op deene Plazen op deenen et méiglech ass ofzesécheren. Opgrond vum héijen Alter vu ganz ville Beem ass den Ofstand zur Strooss extrem geréng, esoudass et op ville Plaze guer net méiglech ass, eng Leitplank virdrun ze setzen. Et gëtt trotzdeem ëmmer als éischt probéiert Protektiounen opzeriichten, wann et da méiglech ass. Bei engem Bestand vu Stroossebeem, dee schätzungsweis wäit iwwer 100 000 Stéck geet, ass dat awer net kuerzfristeg ëmsetzbar an ass also en Zil op laang Siicht.

Den drëtten Usaz besteet doran, sämtlech Beem déi am Kontext vun der Verkéierssécherheet oder der Gesondheet als geféierlech betruecht ginn, ewech ze huelen.

Am Joër 2019 goufe folgend Efforte gemaach:

Am Ganze goufen op de Landstroossen ausseruerts iwwer 20 000 Meter zousätzlech Leitplanke gesat, dovun iwwer 10 500 Meter viru Beem. Des Weidere goufen 136 Demanden nom Artikel 14 vum Naturschutzgesetz gestallt fir am Ganzen 376 Beem ewechzemaachen. Dovu goufen 101 Demanden autoriséiert a ronn 80 % vun de Beem dovu bis elo ewechgeholl. Déi Beem sinn op anere Plaze kompenséiert ginn.